PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29/04/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Justiz weiderzeleeden.**

D'Stater Gemeng huet ugekënnegt, d'Verträg mat enger privater Sécherheetsfirma bis de 15ten November ze verlängeren. De Notze vun de private Sécherheetsfirmen ass net onëmstridden. Dowéinst haten d'Justizministesch an de Minister fir bannenzeg Sécherheet an hirer Äntwert d'der parlamentarescher Fro n°3574 erklärt :

> "De Justizministère huet am Kader vun der Ausübung vu senge Missioune laut dem Gesetz vum 12ten November 2002 gefrot Asiicht an d'Dokumentatioun ronderëm déi vill diskutéiert Kontrakter vun enger Sécherheetsfirma mat zwou Gemengen ze kréien an huet déi Dokumenter och krit. Si ginn aktuell analyséiert."

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Ass d'Analyse vun den aktuelle Kontrakter ofgeschloss?
   Falls jo, wat sinn d'Schlussfollgerungen déi de Justizministère aus dëser Analys zitt?

2. Gedenkt de Justizministère och de Kontakt dee vum 15.05 bis de 15.11.2021 leeft, z'analyséieren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député